



An da musse mer och soen: Wéi ass et da mat eiser Kompetitivitéit? D'Energie an Europa, an och hei zu Lëtzebuerg, ass ze deier géintwuer Amerika an aneren. A wa mer vu weltwäitem Handel schwätzen, wéi mer et an der Lescht hei e puermol gemaach hunn, da musse mer och d'Fro vun den Energiepräisser am A behalen.

Nach eemol: och d'ADR ass fir Ëmweltpolitik, awer fir eng Politik an net fir eng Ideologie! Dat ënnerscheet eis haaptsächlech vun deene Gréngen. Mir maache Politik mat Verantwortung, och fir d'Ëmwelt!

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Kartheiser.

Déi méi large Interpretatioun vun de Riedezäiten ass drop zrëckzeféieren, dass mer a Präsenz si vun zwou Motiounen. Ech hunn also deenen eenzelne Riedner, déi zu deenen zwou Motiounen direkt Stellung geholl hunn, e bësse méi Latitude gelooss. Ech hunn awer matkritt, dass den Auteur vun där zweeter Motioun, dee seng Riedezäit nach net ganz erschöpft hat, nach wëllt e puer Prezisiounen ginn. Här Turpel.

► **M. Justin Turpel** (déi Lénk), auteur. - Merci.

Ech wëll e puer Prezisiounen ginn, fir d'Éischt emol zu der Motioun, déi virläit, wou gesot ginn ass „d'Motioun vun deene Gréngen“. Et ass kloer, datt et net d'Motioun ass vun deene Gréngen, mä et ass d'Motioun, déi den Här Fayot an den Här Kox déposéiert hunn am Numm vun deenen zwou Kommissiounen Ëmwelt an Economie, well mer do d'Diskussioun driwwer haten.

Ech wëll nach eng Kéier widderhuelen, datt et d'Initiativ war vun déi Lénk, datt et iwwerhaapt zu esou Motiounen kéim,...

(Brouhaha)

...och datt mer de Bilan - an dat krut Der schréfflech -, deen d'Cour des Comptes gemaach huet zu Kyoto, datt mer dee sollen an de Kommissiounen diskutéieren. An och do ware mer eis eens, fir en Hearing ze maachen, deen elo soll - hoffentlech geschwënn, net eréischt d'nächst Joer, well et ass nach keen Datum fixéiert - stattfannen, well mer net kënnen d'accord si mat deenen iwwerflächleche Konkusiounen, déi d'Cour des Comptes do aus hirem Bilan zitt: zum Beispill d'Klimaziler erofzesetzen.

Zweet Bemierkung: Eis Motioun gëtt tel quel dat erëm, wat d'Ëmweltorganisatiounen an Europa zu Lëtzebuerg soen. Ech wëll dat elo net weider kommentéieren, well d'Zäit mer et net erlaabt. Ech wëll soen, dat, wat den ADR hei seet, dat ass haaptsächlech, wat een net soll maachen a puncto Klima, dat ass e Schlag an d'Gesicht vun eiser Jugend, vun deene kommende Generatiounen a vu ganze Vëlker, déi mussen dépaysséiert ginn, wann näischt Wesentlech geschitt.

Wat d'CSV ugeet, verstinn ech d'Fro, datt ee muss klären, wat zu Lëtzebuerg soll gemaach ginn, fir d'Klimaziler ëmzesetzen. Do si mer eis eens, datt dat muss gekläert ginn. Mä d'Fro, déi net gekläert ass: ob dowéinst, well dat net kloer ass, d'CSV mat Klimaziler net d'accord ass, ob dat e Prétexte ass oder ob se seet: Zousätzlech muss een dat klären. Well wann et kee Prétexte ass, da wier et jo duergaangen, wa se eng Motioun hei eragin hätt, fir ze soen: Mir stëmme fir déi Motioun a mir hätt gären, datt zousätzlech dat soll gekläert ginn. Well et muss gekläert ginn! A wann an der Motioun steet, fir „début 2016“ dee Programm virzeleeën: Dat ass ganz kloer, dat geet net duer! Wa mir déi Efforte wëlle maachen, déi mer musse maachen an de Klimaziler, da geet „début 2016“ net duer.

Ech hoffen, an domadder schléissen ech dann of, datt mer bei deem Hearing iwwer Kyoto et fäerdegbréngen, mat der Zivilgesellschaft eng kloer an offen Diskussioun ze féieren, net nëmmen iwwer Klimaziler a Kyoto, mä och iwwert dat, wat zu Lëtzebuerg muss geschéien, an datt mer dann éischter an déi Chamber hei zrëckkommen, fir deen Aktionsprogramm, fir déi Ziler och zu Lëtzebuerg ze erreechen, virzestellen.

Merci.

► **M. le Président.** - Domat huet d'Regierung d'Wuert. Madame Dieschbourg.

► **Mme Carole Dieschbourg**, Ministre de l'Environnement. - Här President, Dir Dammen an Härén Deputéiert, fir d'Éischt emol wëll ech lech en härzerleche Merci soen, en härzerleche Merci deenen zwou Chamberskommissiounen fir d'Virleee vun deser Motioun.

Et ass esou, dass mir als Regierung - den Etienne Schneider an ech, déi schonn zu Bréissel waren uganks deses Mounts - eng ganz kloer Positioun

vertrueden hunn, déi mer eben hei och erëmfannen. Mir fannen d'Positioun erëm, dass mer dräi verbindlech Ziler brauchen, dass mer eng Reduktioun vu 40% brauchen, mindestens, an dat hate mir och gesot, mindestens 30% erneierbar, an en drëtt Zil och wëllen hunn an der Effizienz.

Mir soen lech dofir Merci, dass Der do och eise Premier de Réck stärkt. Mir soen lech Merci fir d'Initiativ, a virun allem wëll ech och deenen anere Memberen, déi sech elo méi kritesch geäussert hunn, e grouse Merci soen, well ech hu fonnt, dass mer och an der Kommissioun... Ech verstinn a sech och d'Membere vun der CSV, déi vill Froe gestallt hunn, och iwwert den nationale Kontext.

Ech verstinn, dass ech lech duerch meng Pisten, duerch déi Pisten, déi deelweis och am Regierungsprogramm stinn - Pisten, déi mer awer och amgaange sinn, schonn ze realiséieren, déi mer konkret schonn ugepaakt hunn, wou ech lech och erkläert hunn, dass den Etienne Schneider an ech ganz konkret u verschiddene Saache schaffen -, ech verstinn, dass dat lech vläicht nach net duergeet.

Ech si frou, dass mer déi Debatt wäerten en cours de route ëmmer erëm weiderféieren, well et ass eng immens wichteg Debatt! Well eben d'Klimaziler..., net nëmmen en vue vun eiser Présidence 2015, net nëmmen, well mer elo eng Urgence hunn an dem europäeschen Dossier, wou mer soen, ma mir als Lëtzebuerg, mir wëllen, dass mer schnell an deem Domän zu enger gemeinsamer, zu enger gemeinsamer europäescher Positioun kommen, wou a sech Europa weiderhin an deem Beräich vun der Klima- an Energiepolitik de Virreider ass. An déi Roll wëlle mer jo och behalen.

Ech soen lech Merci fir déi Diskussioun an ech freeë mech och, dass mer do, an där Hisiicht eigentlech e Konsens hunn. Ech wär frou, wa méiglechst vill Leit dat hei géifen ënnerstëtzen, well ech mengen, dass mer soumat wierklech och als Regierung eng Stärkung hunn, de Premier eng Stärkung huet, wann en eben elo zu Bréissel d'Positioun vu Lëtzebuerg vertritt.

An ech freeë mech dann op weider flott Diskussiounen, well et sinn einfach déi Diskussiounen, déi mer als wichteg fannen, wou d'Regierung gesot huet, dass et eng vun eise grouse Prioritéiten ass.

An ech soen lech domadder villmools Merci.

► **M. le Président.** - Merci der Madame Dieschbourg am Numm vun der Regierung. Da géife mer iwwert...

Ah, den Här Wirtschaftsminister, den Här Etienne Schneider. Ech hat säi Geste falsch geëit, pardon!

► **M. Etienne Schneider**, Ministre de l'Économie. - Merci, Här President. Ech wëll och just hei meng Kolleeigin ënnerstëtzen an deem, wat se seet, an der Kommissioun Merci soe fir déi Initiativ, déi se geholl huet.

An ech wëllt just een europäesche Kontext awer hei, oder ee Wonsch äusseren, nämlech deen, dass, wa mer elo eng nei Kommissioun deemnächst hunn dëst Joer, dass déi Kommissioun et fäerdegbréngt, an all deenen Dossieren - Klimaschutz, Energiepolitik, Wirtschaftspolitik - vill méi horizontal zesummenzeschaffen.

Well dat, wat mer de Moment gesinn, dat ass, dass all Kommissär säin Domän just verteidegt an net riets a lénks ëm sech kuckt, wat en do eventuell kann an aneren Domänen bewierken. Ech mengen, dass dat wichteg ass. Dat ass e Prinzip, dee mir an der Regierung hunn, dee mer agefouert hunn, deen, mengen ech, ganz gutt funktionnéiert. An ech wär wierklech frou, wann och d'Kommissioun, déi nei Kommissioun dat dote géif behäerzen.

Ech mengen, hei ass wierklech en Équilibre ze fannen tëschent deem, wat een op där enger Säit - Ëmweltschutz, Klimaschutz - mécht a wat een op där anerer Säit vu Konsequenzen, vun eventuelle Konsequenze fir d'Ekonomen huet. Mir dierfen net nëmme kucken, dass mer onofhängeg oder manner ofhängeg gi vun den Energieimporten an d'Europäesch Unioun. Dat kann net eist eenzegt Zil sinn. Well wann dat dat eenzegt Zil ass, da riskéiere mer, dass mer herno zwar net méi vill Energie importéieren, mä dofir eng ganz Rei Produiten hunn, déi net méi an Europa kënnen produziéiert ginn, well se ze energieintensiv sinn an dofir ausserhalb vun der EU verlagert ginn. Ech schwätzen zum Beispill vun der Aluminiumproduktioun, vun Zement etc. Da géife mer eis an eng aner Ofhängegkeet beginn. Ech mengen, dat si Saachen, déi ee muss équilibréiert kucken.

Ech sinn awer der Meenung, dass déi Ziler, déi mer eis hei ginn, an déi Ziler, déi d'Kommissioun hei proposéiert, dass déi gutt sinn, well mer och als Economie, an dat mierke mer jo awer, och eppes ze gewannen hunn, andeem mer eis héich Ziler ginn. Mir sinn déi Economie, d'europäesch Economie ass déi, déi wierklech an enger Rei Jore Weltleader ass an deene ganzen

Technologien, deenen ëmweltfrëndlechen Technologien. An iergendwann, och wann dat am Moment wahrscheinlech relativ schwéier ze verkraften ass, iergendwann hu mir do de Lead weltwäit a mir wäerten dat kënnen vermaarten.

An et ass och ugeschwat ginn: Aarbechtsplazen, déi do geschafe ginn. Natierlech, wat den Här Kartheiser seet, ass richtig: Op anere klassischen Energie- oder polluenten Energieforme ginn och Aarbechtsplaze verluer. Dat muss een och dogéint oprechnen, wann ee wëllt ganz éierlech sinn.

Mä ech mengen, ee lescht Wuert ass dat, dass een awer och muss bedenken, dass d'Europäesch Unioun fir 8% vun den Emissiounen weltwäit steet an dass also d'Zil vun der Politik muss sinn, d'Zil vun der EU och muss sinn, esou vill wéi méiglech aner Länner respektiv Kontinenter mat an déi dote Beméiunge mat eranzekrieten. Well mir eleng wäerten et net packen, fir déi Limitatioun vun den zwee Grad Celsius hinzekrieten. Dofir, mengen ech, ass dat en Effort, deen och d'nationale Parlament, d'nationale Regierungen, pardon, mä virun allem och d'Kommissioun muss an all deenen internationale Gremie verrieden.

Ech soen lech villmools Merci.

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Wirtschaftsminister. Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert déi zwou Motiounen iwwergoen. Ech géif fir d'Éischt iwwert d'Motioun, déi vum Här Kox a vum Här Fayot abruecht ginn ass, ofstëmme loossen, an dann iwwert de Complément.

Vote

De Vote ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

De Vote ass ofgeschloss. Et si 60 Deputéiert, déi um Vote deelgeholl hunn, entweder direkt oder duerch Procuratioun. 32-mol Jo, 3-mol Neen a 25 Enthaltungen.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beisel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Nancy Arendt), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ech ginn dovunner aus, dass d'Enthalunge motivéiert sinn.

(Assentiment)

Domat ass d'Motioun adoptéiert.

Ech géif dann zum Vote iwwert déi zweet Motioun iwwergoen, déi vum Här Justin Turpel abruecht ginn ass.

Vote

De Vote ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

De Vote ass ofgeschloss. D'Motioun ass mat 58 géint 2 Stëmmen ofgelehnt. 58 Stëmmen Neen, 2 Stëmmen Jo.

Ont voté oui: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beisel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M.

Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Domat ass d'Diskussioun iwwert déi zwou Motiounen ofgeschloss a mir kommen zum nächste Punkt vun eise Ordre du jour, dem Projet de loi 6599, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Laboratoire fir medezinesch Analysen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Andrich-Duval, den Här Mertens an d'Madame Lorsché.

An direkt huet d'Wuert d'Rapportrice, d'Madame Cécile Hemmen.

10. 6599 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 16 juillet 1984 relative aux laboratoires d'analyses médicales

Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports

► **Mme Cécile Hemmen** (LSAP), rapportrice. - Här President, Dir Dammen an Dir Härén, léif Kolleeinnen, léif Kolleeen, de Projet de loi 6599, iwwert dee mer haut ofstëmme, ännert dat modifizéiert Gesetz iwwert d'Laboratoire vum 16. Juli 1984. D'Ännerung, déi hei virgeholl gëtt, ass ze gesinn am Kontext vun de breede Beméiungen, fir am Spidolsberäich d'Zesummenaarbecht an och d'Synergien ze encouragéieren an ze féerden. D'Ziler sinn dobäi gläichzäitig d'Verbesserung vun der Qualitéit a méi eng héich Effizienz.

D'Notioun vum Spidolslaboratoire ass duerch d'Spidolsgesetz festgeschriwwen, dat a sengem Artikel 26 festhält, dass all Spidol mat iwwer 175 Better e Laboratoireesservice muss hunn, deen den Normen entsprécht. Den Ament hu mer sechs Spidolslaboratoiren hei am Land, mat engem Effectif vun 212 Vollzäitsalariéien. Am Joer 2010 sinn iwwer siwe Milliounen Analysen duerchgefouert ginn, wat e Käschtepunkt vun 43,4 Milliounen Euro bedeit, dovunner 25 Milliounen Euro fir Personalkäschten.

Op Demande vun der Fédération des hôpitaux gouf an de Joren 2011 an och 2012 d'Etüd „Teamplan“ iwwert d'Spidolslaboratoiren an och den LNS, also de Laboratoire national de santé duerchgefouert, fir ënner anerem de Potenzial fir Synergien ze identifizéieren. Dobäi ass erauskomm, dass et géif Sënn maachen, fir déi analytesch Aktivitéite vun de Spidolslaboratoiren an dem LNS an enger gemeinsamer Struktur ze zentraliséieren. Besonnesch bei den héich spezialiséierten a ganz raren Analyse géif dat erlaben, fir d'Qualitéit ze verbessern an och d'Käschten ze limitéieren, dat am Sënn vum Mot d'ordre vum „utile et nécessaire“.

Iwwregens fänkt een och elo hei net bei null un, well am Beräich vun de Biopsien an der Cancérologie schafft de Statslabo scho vun Ufank u ganz enk mat de Spidolslaboratoiren zesummen. Ënnert der aktueller Legislatioun war et bis ewell awer net méiglech, dass den LNS sech mat engem oder e puer Spideeler an enger Structure juridique zesummedoen hätt, fir e Labo ze exploitéieren. Mä dat soll sech dann elo mat deem Gesetz änneren.

Den urspringlechen Text vum Projet de loi huet déi Méiglechkeet fir de Laboratoire national opgemaach a sech awer och dorobber beschränkt. De Statsrot a sengem Avis vum 12. November 2013 huet awer drop higewisen, dass de Statslabo, wat elo d'Beräicher vun der Chimie médicale, der Hématologie, der Microbiologie an och der Anatomie pathologique ugeet, ënnert dat normaalt Laboratoiresgesetz fällt an och keng besonnesch Privilegie par rapport zu den normale Laboratoire virgesäit.

De Conseil d'État huet dofir d'Positioun vertrat, dass et am Sënn vun der Gläichbehandlung ubruecht wier, fir och den normale private Laboen d'Méiglechkeet ze ginn, fir sech mat de Spidolslaboratoiren ze associéieren. De Statsrot huet zu deem Punkt, deen iwwregens och vun der Chambre de Commerce an hirem Avis vum 2. Oktober 2013 kritiséiert gouf, eng Opposition formelle ausgesprach.

D'Chamberskommissioun huet sech hei der Positioun vum Conseil d'État ralliéiert, grad wéi och an deem Punkt, wou de Statsrot argumentéiert huet, dass d'Associatioun sech misst op d'Aktivitéite vum Spidolsberäich limitéieren.



Während hiren Aarbechten an och den Diskussiounen huet d'Chamberskommissioun nach eng Kéier ënnerstrach, dass de Regierungsprogramm d'Vocatioun vum Laboratoire national de santé confirméiert, fir e regelrechte Centre d'excellence ze ginn, mat allem, wat dat u Personal an awer och u modernem a sophistiquéiertem Équipement bedeit. Dat gëllt ënner anerem fir d'Beräicher wéi d'Cancérologie, mä awer och d'Aktivitéiten am Kontext vun der Opferambulanz, der Prise en charge vun den Affer vun häuslecher Gewalt oder awer och d'Missiounen am Beräich médico-légal.

Bei den Diskussiounen vum Projet de loi 6297, duerch deen de Laboratoire national de santé als en Établissement public geschaf gouf, ass deemools och déi wichteg Roll vum LNS a Saachen ëffentlech Gesondheet ervirgestrach ginn. D'Chamberskommissioun huet betount, dass déi nei Bestëmmungen eng ganz Partie vun neie Méiglechkeeten opmaachen, an de Fait, dass den LNS an enger Konkurrenzsituatioun evoluéiert, sech och kéint positiv op d'Effizienz auswirken.

Et sief och gesot, dass d'Etüd „Teamplan“ gewisen huet, dass de Coût moyen vun enger Analys hei zu Lëtzebuerg bei 4 Euro läit géintwuer vum 1,5 Euro zum Beispill an Däitschland, an dat bei Laboratoiren, déi no vergläichbarer Qualitéitsnorm funktionnéieren. Dat ënnersträicht eemol méi d'Wichtigkeet vun deem Gesetz, iwwert dat mer elo hei diskutéieren an och ofstëmmen, an dat eng weider Mutualisatioun am Beräich vun de Laboen erméiglecht.

D'Kommissioun huet och ofschléissend zur Kenntnis geholl, dass d'Etüd „Teamplan“ eng Zentraliséierung vun der sougenannter „Krankenhauslabortagnostik“ a Synergie mat der Diagnostik vum LNS wirtschaftlech sénnvoll gesäit, esouguer wann dat géif en Neibau op der grénge Wiss néideg maachen. Woubäi och wuelvers-tane virausgesat ass, dass d'Spideeler weider an hirem Haus e kleng Labo fir déi urgent Analyse wäerten halen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, au vu vun all dësen Erklärungen an am Sënn vun engem nach bessere Service un de Patienten, géif d'Gesondheitskommissioun lech un d'Häerz leeën, fir dës Projet de loi ze stëmmen. An heimat ginn ech natierlech och den Accord vu menger Fraktioun.

Villmools Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Rapportrice. An als éischt Riednerin huet d'Madame Andrich-Duval d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV). - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Merci der Rapportrice fir hiren exzellente schrëftlechen a mündleche Rapport.

Eng kleng Ännerung, eigentlech en Oubli vum viregte Gesondheitsminister, mä „klein aber oho“ fir de Laboratoiresecteur vum Spidols-wiesen. Schonn am Regierungsprogramm vun 2009 war festgehalten, datt d'Regierung géif d'Kollaboratioun tëschent Spideeler am Labosberäich ënnerstëtze wéinst der Effizienz an de Käschten. D'CSV begréisst ausdrécklech esou Synergien am Spidolssecteur.

Ech hunn awer e puer Remarquen ze maachen. Éischstens bedauert d'CSV, datt den Avis vun der Federatioun vun de private Laboen, der FLAM, net un d'Kommissionsmembere weidergereicht gouf an och net an den Documents parlementaires figuréiert.

Zweetens, zur aktueller Situatioun. Et gëtt elo schonn eng Kollaboratioun tëschent dem nationale Gesondheitslabo a Spideeler fir alles, wat Biopsien ugeet. D'Madame Hemmen huet et scho gesot. Dat war awer an der Vergaangenheet leider net ëmmer esou problemlos. Mir si bei der Anapath och weiderhin op den LNS ugewisen. D'CSV huet sech bis dato géint de Monopole de fait ausgeschwat, well privat Laboen och op méi performant Kriibsanalysen am Ausland konnten zréckgräifen. Weider besteet och haut um Terrain schonn eng Zesummenaarbecht vu Spideeler mat private Laboen a verschiddenen Exzellenzdomänen.

Drëttens, zum virleiene Gesetzestext. An do war et fir d'Spideeler virgesinn, sech exklusiv mam LNS ze associéieren. Net nëmmen de Statsrot, mä och d'Chambre de Commerce, grad wéi d'FLAM hu sech awer vehement dogéint gewiert. Berechtegterweis, well d'Regierung jo domat géint de konstitutionelle Prinzip vun der Gläichbehandlung géif verstousséier par rapport zu anere Laboratoiren.

Am Beräich vun de sougenannte Routineanaly-

sen, déi den LNS ausféiert, steet en nämlech an direkter Konkurrenz mat hinnen. Hei wier den LNS also ganz bewosst bevirdeelt ginn an hätt quasi eng Monopolstellung kritt. Et stoung och am Text, dass den LNS dës géif maachen am Kader vu senger Missiounen am Spidolsberäich. Or, ass guer keng esou eng Missioun gesetzlech virgesinn. An dem LNS seng Missiounen sinn iwwregens och net ëmmer esou kloer.

Véiertens, d'Plus-value vum neien Text. Elo komme jo all d'Laboen, déi Analyses médicales ubidden, ob privat oder LNS, a Fro, fir Synergie mat de Spidolslaboen, déi ambulant wéi déi stationär. „All“ heescht an deem Fall och auslännesch Laboen. D'CSV weist hei op de Volet vum Datschutz hin, deen ee besonnesch muss am A behalen, wann Analysen am Ausland géife gemaach ginn. D'CSV fënnt dës Ouverture awer richteg. D'Zil muss sinn, déi beschtméiglech Qualitéit am Sënn vum Patient ze erreechen. Eng gesond Konkurrenz soll den neieste Standard bei den Analysen an e schnellen a käschteneffiziente Service garantéieren.

D'Etüd vum „Teamplan“ iwwert d'Spidolslaboen an den LNS weist, an et gouf och scho gesot, datt de mëttlere Käschtepunkt vun enger Analys zu Lëtzebuerg bei ronn 4 Euro läit par rapport zu 1,5 an Däitschland. Bei de Spidolslaboen maachen déi 212 Salarié ronn 58% vun de Fraisen aus, géint schätzungsweise 30 bis 40% bei de Privaten. Dat schwätzt fir sech. Gesond Konkurrenz bedéngt, datt den LNS, vu sähn neie Statut vum Établissement public, muss ech zitieren dee fréiere Gesondheitsminister: „déiselwecht Qualitéitskonditiounen erfëlle wéi déi beschte ënnert de private Laboen. Dat ass eng Erausforderung, an déi muss de Statslabo unhuelen.“

De Secteur vun de private Laboen huet net geschlof a sech enorm weiderentwéckelt. Beonrougend ass allerdéngs, wat mer kierzlech an de Medie konnte liesen. Hir Politik gëtt méi aggressiv an de Krich ëm d'Geld schéngt offen ausgebrach ze sinn. Hoffentlech net eng Profitgier op Käschte vun der Allgemengheet!

Hei ass d'Politik awer och net ganz onschëlleg drun - an domat meng fënneft Remarque. Engersäits huet déi bis elo protektionistesche Politik vum Gesondheitsminister par rapport zum nationale Gesondheitslabo ausgedéngt. Si ass carrément net méi ëmsetzbar. D'Madame Gesondheitsminister huet et awer elo mat an der Hand, iwwert d'LNS-Gesetz d'Akzenter fir seng zukünftige Weiderentwécklung am Sënn vun der Santé publique ze setzen. Anerersäits hu souwuel d'Gesondheitskeess wéi de Gesondheits- an de Sozialminister, Sécurité-sociales-Minister jorelaang keng propper Politik am Beräich vum Labossecteur gemaach. En Zickzackkurs tëschent Budgetisatioun a Bezuelung op Akt, ouni Konzept.

Dofir zum Schluss och eng Rei Froen, déi mir gären als CSV beäntwert hätten: Wéi eng Visiounen huet d'Regierung, fir d'Zesummespill tëschent de privaten an den ëffentleche Laboen ze regelen? Ass de Projet vum Neibau, deen ugeschwat gouf, fir d'Spidolslaboen zu Diddeleng niert dem LNS, dee sécherlech eng Plus-value wär fir Diddeleng, ass deen a Fro gestallt - well eent vun de grouss Spideeler soll wëlles hunn, seng Labosaktivitéite carrément outzesourcen an e private Labo?

Wann neen, wem gehéieren dës Terrainen op Koibestrichen: dem Stat, der Gemeng, Privatleit? A wéi engem Zäitraum soll dee Bau realiséiert ginn?

An dann: Sinn och schonn Dispositiounen geholl ginn, fir d'Personal aus de Spidolslaboen op eng sozial verdréiglech Aart a Weis ëmzeverdeelen, also ouni dass et zu Entloossunge kënnt wéi am Ausland?

An da meng lescht Fro, wat den LNS ubelaangt: Gëtt et schonn eng Qualitéitssécherung, déi méi wäit geet wéi eng einfach Zertifizierung? An och: Wat konkret steet dann elo an deene pluriannuelle Konventionen, déi mam Stat virgesi sinn? Sinn dofir déi néideg Suen do? A wéi ass d'Zäitschinn, fir déi ugekënnegt Kompetenzzentren ze schafen? Ënner anerem zum Beispill d'Afferambulanz, wou oft Frae betraff sinn, et ass scho gesot ginn, eng Prioritéit och fir CSV.

Här President, et bleiwen also nach ganz vill Inconnuen an deem heiten Dossier, wéi et soll viruoen, mä mam Fong vun deem Projet ass d'CSV awer averstanen, well e bréngt eng verbessert Offer fir de Patient.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och der Madame Andrich-Duval. Ech wëll just soen, dass de fréiere Gesondheits- a Sozialminister mer just an d'Ouer geflüstert huet, dass en ëmmer an där doter Politik vun dem Koalitionspartner ënnerstëtzt war. Ech wollt lech dat just weiderginn.

(Brouhaha)

D'Madame Andrich wär mer sécher rose gewiescht, wann ech hir dat net gesot hätt. Nächste Riedner ass den Här Roger Negri.

(Brouhaha)

Ah, okay. Sorry, den Här Mertens.

Ah, et ass deen anere Projet, fir deen e sech gemellt huet. Entschëlleg, Edy.

► **M. Edy Mertens** (DP). - Et ass näischt.

► **M. le Président.** - Entschëlleg, den Här Negri hat sech fir deen nächste Projet ageschriwwen. Sorry!

► **M. Edy Mertens** (DP). - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Éischt wëll ech drop hiweisen, dass an deene leschte Joren d'Aarbecht vun de medezinesche Laboe sech also déif gräifend geännert hunn. Dat ass zu engem groussen Deel op déi technesch medezinesch Progrès an deem Domän zréckzeféieren. Dës Entwécklung huet awer och mat sech bruecht, dass et ëmmer méi zu enger poussierter Spezialisatioun an awer och Konzentratioun vun de Laboratoiren zu Lëtzebuerg komm ass. Virun eppes méi ewéi dräi Joer gouf dofir eis Législatioun mat engem gewëssene Retard der Realitéit vum Terrain ugepasst.

D'Demokratesch Partei huet déi deemoleg Ännerungen ausdrécklech begréisst, well mer der Meinung woren an nach ëmmer sinn, datt dës och Chance fir d'Weiderentwécklung vun de Laboen hei zu Lëtzebuerg duerstellt. Mir sinn och weiderhin der Iwwerzeugung, dass eng méi enk Zesummenaarbecht tëscht de Spidolslaboen an dem Statslaboratoire oder auslännesche Laboratoire sënnvoll ass.

Als klenge Land erreeche mer heiansdo einfach net den Nombre critique, fir déi néideg Qualitéit ze garantéieren, an och aus Erfahrung kann ech lech soen, et si verschidden Analysen, déi kann een nëmmen zesumme maachen an déi sinn och esou rar, datt ee se wierklech net kann hei an engem Institut vollzéien.

Et géif sech also dee Moment net lounen, déi mënschlech a materiell Ressourcë fir verschidden Analysen hei am Land ze etabléieren. An dat funktionnéiert, dat muss ech aus Erfahrung soen, ganz gutt am Abléck.

Bei enger méi enker Kollaboratioun tëscht dem LNS an de Privatlaboe geet et awer net nëmmen drëm, fir Synergien ze schafen a Suen ze spueren, mä am Endeffekt profitéiert natierlech och de Patient vun enger besserer Qualitéit vun dësen Analysen.

Ofschléissend wëll ech awer der Rapportrice, der honorabler Kolleegin Cécile Hemmen Merci so fir hiren exzellente schrëftlechen an och mündleche Rapport. Dës gesot, ginn ech den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei zu deem Projet de loi.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Edy Mertens. Als Nächste huet d'Madame José Lorsché d'Wuert.

► **Mme José Lorsché** (déi Gréng). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech fänken net u mat de Spidolslaboratoiren an och net mam LNS, mä mat de Privatlaboratoiren. Wann een an der Press liest, wat momentan am internationalen Secteur vun deene Laboratoire leeft, da kéint ee mengen, datt milliounenhéich Émsatz an Aktiegeschäfte dee Secteur méi beschäftegt wéi d'Gesondheet vum Patient oder besser gesot vum Client.

Domat wëll ech d'Qualitéit vun hiren Aarbecht net a Fro stellen. A gewëssene Fäll spillen déi Laboratoire souguer eng Virreideroll, och an der Fuerschung, a verschléisse sech och net der Zesummenaarbecht mam ëffentleche Secteur.

D'Gefor, déi awer bei ëffentlech-private Partnerschaften lauert, ass déi, datt se duerch eng Hannerdier an eng Zwouklassemedezin féieren. Dat ass ganz bekannt, an dat wësse mer alleguer. Se riskéieren an e System ze féieren, wou déi eng sech exklusiv Analysen a Soine kënne leeschten, an déi aner net.

Fir eis als Gréng, an net nëmme fir eis, gehéiert dat wichtegt Gebitt vun der Gesondheet an d'ëffentlech Hand. Am Kontext vun deem Projet de loi a vun de Laboratoiren allgemeng heescht dat, datt héich spezialiséiert Analysen net reng der Privatinitiative dierfen iwwerlooss ginn, woumat ech de fréiere Gesondheitsminister zitieren.

Mir verlaangen eng eenheetlech, transparent a kontrolléierbar Tarificatioun vun allen Aktivitéiten an eng verstärkt Zesummenaarbecht mam Spidolssecteur, wou d'Qualitéit am Mëttelpunkt steet an net de Benefiss. Dowéinst begrësse mir ganz staark, datt d'Regierung alles drusetzt, fir d'Tarificatioun ze vereenheetlechen, fir aus dem Gesondheitslaboratoire e Centre de compétence ze maachen, mat engem Standbeen an der Recherche, mat neie Missiounen, déi der

ganzer Gesellschaft zeguttkommen an net just enger Minoritéit. Dat war schonn d'Zil vum fréiere Gesondheitsminister an dat ass och d'Zil vun dëser Regierung.

En zweet Zil, wat schwaarz op wäiss am Regierungsprogramm steet, ass dat, fir d'Synergien am Gesondheitssecteur méi staark ze fërdere wéi virduen. Ech denken hei net nëmmen un eng Zesummenaarbecht tëschent de Laboratoiren an de Spideeler. Och d'Zesummenaarbecht mat der Uni a mat de CRPen - gëschter ass nach an der Chamberskommissioun driwwer geschwat ginn -, an éischter Linn d'Zesummenaarbecht mam CRP-Santé an der IBBL, déi ass wichtig. Net nëmmen, fir d'Kompetenzen ze bündelen. Se ass och wichtig, fir ze verhënnern, datt staatlech Gelder inflationär u verschidden Acteure fléissen, déi ähnlech Aktivitéiten ausféieren. Eng vun de méigleche Synergie gëtt am Projet de loi vun haut definiert a besteet aus der Associatioun vu Spideeler a Laboratoiren.

An hirem Rapport ass d'Madame Hemmen drop agaangen, soudass ech hir vun der grénge Fraktioun aus e grouss Merci wëllt ausdrécken.

Dat Gesetz huet e Knackpunkt, e Knackpunkt an awer och eng Erausforderung. Et besteet doran, datt de Laboratoire national de santé säit dem Summer 2012 keng Statsverwaltung méi ass, mä en Établissement public, och dat ass scho gesot ginn. Dësen neie Statut huet him eng ganz Rei Virdeeler verschafft. En huet zum Beispill d'Méiglechkeet ginn, héich spezialiséiert Experten a Wëssenschaftler aus dem In- an Ausland anzustellen an eben d'Standbeen an der Recherche opzebauen.

De Laboratoire national de santé kann och vill méi flexibel an onkomplizéiert op d'Fuerschung, op d'wëssenschaftlech Erkenntnisser reagieren, an e bitt net zulescht déi grouss Chance, vun europäesche Gelder kënnen ze profitéieren. Alles dat wier an enger Statsverwaltung net méiglech.

De Statut vum Établissement public huet awer och en Hoken. Et ass deen, datt de Laboratoire national de santé keng Monopolstellung vis-à-vis vun aneren Acteuren am Secteur dierf age-raumt kréien, wat seng Aktivitéite betrëfft. Trotz senger ëffentlecher Missioun an trotz der Verriedung vum Stat am Verwaltungsrot, dierf keng Situatioun vun Inegalitéit tëschent de verschiddene Laboratoiren am Land geschafe ginn. Dat war och den Inhalt jo vum Statsrot senger Opposition formelle.

De Statslabo muss der fräier Konkurrenz ausgesat ginn, wat ebe bei der Kreatioun vum Établissement public schonn eemol betount ginn ass. An anere Wieder heescht dat, datt déi Monopolstellung, déi mir him wollten zouschreiwene, elo him selwer iwwerlooss ass. E muss se sech selwer erkämpfen, wann en eng Haaptroll am Laboratoirewiese wëllt spillen a senger ëffentlecher Missioun wëllt gerecht ginn.

Mir zweifelen net drun, datt dat méiglech ass. Allerdéngs mussen zwou Konditiounen stëmmen: Éischstens muss déi geplangte Cellule de qualité, déi sech héich Uspréch stellt, deenen Uspréch och gerecht ginn a permanent mam medezinesche Fortschritt mathalen. Zweetens muss awer och d'Regierung dem Laboratoire déi néideg Mëttel ginn, fir deen Défi kënnen unzuzoen.

Als Gréng si mir frou, feststellen, datt de Regierungsprogramm grad dës Mëttelen zousätzlech virgesäit. Se stinn och schwaarz op wäiss do geschriwwen.

Mat der Astellung vu méi Personal am Beräich vun de Biopsien, déi bei all Gewebeentnahmen duerchgefouert ginn a ville Patienten d'Lieue retten, huet d'Madame Minister Mutsch schonn en éischten a wichtige Schrëtt gemaach. En zweete besteet aus enger besserer a méi effikasser Zesummenaarbecht mat aneren Acteuren aus dem Secteur.

Als Gréng ënnerstëtze mir all Associatioun, déi an där Logik entsteet an déi dem ëffentleche Gesondheitssystem zegutt kënn. Déi Zesummenaarbecht brauch eng juristesche Basis an eng gemeinsam Struktur. Dowéinst ënnerstëtze mir och dës Gesetz.

Ech soen lech Merci fir d'Gedold.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och der Madame Lorsché. Ech hu keng weider Inscriptioun. Ah, den Här Urbany.

► **M. Serge Urbany** (déi Lénk). - Merci, Här President. Mat deem Projet de loi hei gëtt am Fong geholl deen Trend zur Liberaliséierung am Laboratoirektor, dee scho länger Zäit ageleet ass, op en Ënn gefouert, andeems d'Méiglechkeet vun der Ausdehnung vu private Laboratoiren och op de Spidolssektor heimader festgeloucht gëtt.

Am „Lëtzeburger Land“ vum 14. Mäerz hu mer gelies vu Gesprécher, déi solle gefouert gi mat engem internationale Grupp, CEL, dee



Propriétaire ass vun deem gréisste Privatlabo, deen et de Moment am Land gëtt, iwwer en Outsourcing vun engem Laboratoire an engem grouse Lëtzebuerger Spidol.

Déi Liberaliséierung gouf schonn 2011 ageleet, nodeem d'Federatioun vun de Privatlaboen ënnert dem Drock vun deem deemolege Besëtzer vun deem gréisste private Labo - Ketterthill, fir en net ze nennen - d'Méiglechkeet zu Bréssel ageklot huet, Privatlaboen net nëmmen duerch Privatpersounen, mä och duerch Gesellschaften, duerch Aktiengesellschaften bedreiwen ze loosseren.

Gläich duerno ass déi Firma Ketterthill vun där internationaler Firma CEL iwwerholl ginn, mam Resultat, dass den Drock op d'Rentabilitéit geklommen ass. Deen Acteur huet zënter Mëtt 2011 19 nei Zentre fir Blutanalys am Land opgemaach, virun allem am Süde vum Land, och niewent Zentren, déi scho bestanen hunn.

Dee Gewinn viru Steieren a virun Ofschreiwunge vun deem groussen Acteur um Lëtzebuerger Maart vun de Laboratoiren ass, liese mer an der Wirtschaftspress, ëm 35% geklommen. An et gëtt och do geschriwwen, dass de Grupp, wou Ketterthill elo derzou gehéiert, deen europäesche Grupp, deen a Frankräich ugesidelt ass, vu Lëtzebuerg vun enger „cash machine“ schwätzt. An dee Grupp selwer gehéiert och bezechenderweis engem privaten „Private equity“-Fong.

Et ass och e bësse fir ze laachen, dass dee Grupp dee Promoteur vun där ganzer Entwécklung do zu Lëtzebuerg elo viru kuerzem ausgebaut huet, well anscheinend deen éischter eng Entrepreneursmentalitéit verfollegt huet, während dee Grupp reng eng finanziell Rentabilitéit hei ustriift.

De Problem ass just, dass déi finanziell Rentabilitéit, wann et weidergeet mat deem Trend hei, déi wäert sinn, déi sech och an deem Sektor vun de Laboratoiren an Zukunft wäert duerchsetzen op der ganzer Linn. Well mat dësem Gesetz kréien déi Acteuren nei Moyenen, och am Spidolssektor, fir virzegoen, op Drock vum Statsrot, dee vun der Kommissioun ugeholl ginn ass - wou ech awer net d'accord sinn. Wou ech mengen, dass hätt missen deem Drock Widderstand entgéintgesat ginn -, an och op Drock vun der Chambre de Commerce, déi dat hei gefuerdert huet.

Ech hunn ufanks vu menger Ried higewisen op déi Gespréicher, déi et anscheinend gëtt iwwer en Outsourcing am Spidolssektor un deesewechte Grupp. Mat dësem Gesetz wüsst also de Käschendrock op déi aktuell Spidolslaboen och, déi et jo awer gëtt, déi et an alle gréissere Spideeler gëtt, an déi awer ganz vill an nützelech Aufgabe vu Service public erfüllen. Sou si se zum Beispill och nuets op, wann dringend Analyse mussen gemaach ginn, dann, wann déi privat Laboen zou sinn.

Mer fäerten, dass do e Rentabilitéitsdruck entsteet, och nach duerch déi nei Tarifregelung, déi jo de Moment an der Diskussioun ass bei de Krankekeesen, wou, ähnlech wéi bei den Dokter, eng komplett nei Regelung soll agefouert ginn, déi bestëmmt och e Käschendrock op de Spidolssektor wäert ausüben, déi och wäert ausüben en Drock op d'Personal an deem Sektor. An dat ass eppes wat mer mat deem Gesetz hei, wa mer et stëmmen, wäerte forcément provozéieren.

Dat hei ass e weidere Schrëtt a Richtung Privatisierung a Verschlechterung vun de Leeschtungen am Gesondheetssektor. Et ass mat Sécherheet net heimat verbonnen, e bessere Service fir d'Patienten.

Domat wëll ech soen, dass déi Lénk wäert hei géint dee Projet stëmmen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Urbany. Domat ass eis Diskussioun ofgeschloss an d'Regierung, d'Madame Gesondheetsministesch, huet d'Wuert.

► **Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé.** - Merci, Här President. Dat hei ass dat éischt Gesetz, zu deem ech Stellung huelen, an et dréit, wéi et hei scho richtig gesot ginn ass, zu engem groussen Deel nach d'Prägung vum viregte Gesondheetsminister, deem ech dann och e grouse Merci soe fir déi gutt Viraarbecht, déi e gelescht huet an dësem Zusammenhang.

(Interruptions)

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Esou ass et richtig!

► **Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé.** - Dir hutt ganz recht!

De Laboratoiressektor ass e Secteur, deen nawell a Bewegung ass. En huet an deene leschte Wochen d'Aktualitéit oft matgeprägt, an et ass och nach net an deenen nächsten Deeg a Wochen eriwuer mat där Aktualitéit, géif ech alt emol prognostizéieren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé.** - D'Noutwendegkeet vun där Mutualisatioun ass och net haut fir d'alleréischte Kéier am Gespréich, well mir hu schonn doriwwer geschwat, wéi mer iwwert d'Gesetz vum 17. Dezember 2010 iwwert d'Soins de santé hei diskutéiert hunn. An do ass ganz kloer gesot ginn, dass eng Noutwendegkeet besteet, fir d'Spidolslaboratoiren ze mutualiséieren.

An déi Diskussioun ass weidergefuert ginn. An deem Kontext gouf nämlech ënnerstrach, dass d'Offer vu Laboratoiressevicen largement d'national Bedürfnissen an deem Beräich hei am Land géif iwwerschreiden. An deem Zusammenhang gouf deemools och ervirgehewen, dass eng Mutualisatioun vun de Spidolslaboen e kloren Effizienzgewinn an domat och e kloren Qualitéitsgewinn kéint mat sech bréngen.

Elo ass et jo esou, dass schonn d'Gesetz vun 1984 iwwert d'Laboratoiren eigentlech erméiglecht huet de Spideeler, fir hir Laboratoiresaktivitéiten ze mutualiséieren. Dat war also scho virdu méiglech. Esou eng Mutualisatioun ass awer ënner geltendem Recht nëmmen tëscht de Spidolspartner méiglech. Wa mer dat also net geännert hätten, da wier et och dobäi bliwwen. Dat heescht also, en anere Laboratoire hätt net kënne bei enger Mutualisatioun vun de Spidolslaboratoiren iwwerhaupt matmaachen.

Dat gëtt vun deem Projet, dee mer haut zur Ofstëmmung bréngen, opgehewen. An déi Modifikatioun ass eng ganz wichteg an eng ganz essentielle. Déi Méiglechkeet bréngt, an en Deel vun de Riedner hunn dat och hei ervirgestrach, eng ganz Rei vu Virdeeler mat sech. An zwar wäert duerch esou eng Mutualisatioun d'Qualitéit vun den Analyse wesentlech verbessert ginn.

Ech soen och express als éischt Argument dat vun der Qualitéit, quitta dass et natierlech och esou ass, dass d'Käschte vun de Spidolslaboratoire wäerten erofgesenkt ginn. Eng Senkung vun de Käschte wäert ënner anerem duerch e gemeinsam Akaf vu Material méiglech sinn, an do geet et ëm ganz héich Montanten.

Et ass och net esou, dass mir déi éischt wieren, déi elo als Land geifen an esou eng Richtung goen. Ech wëll nëmmen ee Beispill nennen, well och eng ganz Rei vun Acteuren am Spidolssektor eng rezent Visite dohinner gemaach hunn a mer dat confirméiert hunn. Am Beräich vun der Mutualisatioun kann een zum Beispill den Zentrallabor Charité zu Berlin nennen. Do koom et zu enger ganz effizienter Zentraliséierung vun der Routinediagnostik vu sämtleche Spideeler vu Berlin, wat jo awer net négligeabel ass, mat engem ganz performante Fonctionnement, wou ee sech bestëmmt déi eng oder déi aner Inspiratioun ka siche goen.

Ech wëll och an deem Zusammenhang rappeléieren an ënnersträichen, dass esou eng Zentraliséierung, wéi se ugestriift gëtt vun der Routinediagnostik, net als Konsequenz wäert hunn, dass d'Spideeler elo hir Laboratoire ganz wäerten opginn. Dat wier wierkelech kontraproduktiv an dat ass och net esou geduecht. Selbstverständlech bleift weiderhin all Spidol, wou e Laboratoire flicht ass, mat enger Antenn vun esou engem Laboratoire erhalen, wou och Noutfall kënnen analyséiert ginn. Dat ass fir den alldiegleche Fonctionnement an engem Spidolsbetrib ganz wichteg. An dofir ass et och vum Gesetz hier esou virgesinn.

D'Spezialanalysen, wéi déi am Beräich vun de Maladies infectieuses oder Onko-Hämatologie, Allergologie, Immunologie, kéinten am Kader vun enger Mutualisatioun a Kompetenzzentre konzentréiert ginn. An dat géif sech natierlech radikal positiv op d'Qualitéit auswirken.

An deem Zusammenhang sinn hei Froen gestallt ginn, wéi mer da sollen ëmgoe mat deene rezente Rumeuren, dass sech deen een oder anere Partner an de Spideeler amgaange wiererauszeléien an éischter amgaange wier, an eng Richtung vun enger Zesummenaarbecht mat private Laboratoiren ze goen, wéi elo eng Zesummenaarbecht mam Statslabo unzestriewen.

Ben, eis Informatiounen, déi mer bei deene Concernéierten direkt ageholl hunn, sinn déi, dass dat net confirméiert ass an dass sech déi Solidaritéit, déi an der Federatioun an deem Zusammenhang opgebaut ginn ass, amgaangen ass ze konkretiséieren. An dat géif eis och ganz vill Freed maachen, wann déi Richtegstellung och esou eng Richtegstellung géif bliwen.

Ech hunn och d'Chance, an dat fält an deem Sënn ganz aktuell, dass ech muer mam Kolleg Sozialminister d'Federatioun vun de Spideeler gesinn an enger gemeinsamer Entrevue, an do wäert notament déi dote Fro och ee vun eise Sujete sinn, genee wéi och d'Fro vun de Kompetenzzentren, wat natierlech e ganz wesentleche Sujet an deenen nächste Méint wäert sinn, well mer eis jo als Regierung d'Zil gesat hunn, fir nach virum Summer déi nei Versioun vum Plan hospitalier ze presentéieren, wou mer

jo och Ausféierungen iwwert déi Kompetenzentre maachen.

Ech verstinn elo d'Ongedold, ech si selwer och ganz ongedëlleg. Awer e puer Wochen a Méint mussst Der eis awer nach ginn, fir dann elo dat ze konkretiséieren, wat mer op deem Plang wëlles hunn.

Ech wëll awer ganz däitlech och ervirsträichen, wéi wichteg et ass, och am internationale Kontext eist Laboratoiresgesetz ze reforméieren, fir dem Iwwerhuele vu groussen auslännesche Gruppe kënne besser entgéintzewierken. Ech mengen, dat wier och e wichtige Punkt am Positionnement vun eise Land an och e wichtige Facteur an der Entwécklung vun eise Gesondheetswiesen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt ofschléissend virun allem der Rapportrice an der Presidentin vun der Gesondheetskommissioun e grouse Merci soe fir hire wierkelech ganz ausféierlechen a ganz gudde Rapport hei. Dat erlaabt mir an och enger Rei vu Virriedner, déi sech ugeschloss hunn, eng ganz Rei vun Ausféierungen net méi mussen ze maachen, well et ganz komplett war.

Ech wëll awer insgesamt och de Membere vun der Gesondheetskommissioun Merci soe fir déi interessant Diskussiounen, déi mer an e puer Sätzungen zu deem heite Projet haten. Dat ass, mengen ech, dat Besch, wat engem neie Minister ka passéieren, dass e Membere an enger Kommissioun huet, déi op eng konstruktiv Aart a Weis hire Bäitrag leeschten, dass e beschtméiglecht Gesetz dobäi erauskënnt.

E grouse Merci fir all déi Contributiounen. An ech mengen, dann deit sech awer un, wéi wa mer e gréisstméiglechen Aval zu deem heite Projet de loi kéinte kréien. An lech Merci fir d'Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och der Madame Minister. Mir geifen dann direkt zum Vote iwwert de Projet de loi 6599 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6599 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratioun. De Vote ass ofgeschloss.

Huet jiddwereen ofgestëmmt?

59 Participatiounen am Vote. 57-mol Jo, 2 Nee-Stëmmen. Domat ass de Projet de loi 6599 mat grousser Majoritéit adoptéiert.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6599 est adopté par 58 voix pour et 2 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Claude Wiseler), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdig, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Claude Haagen), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beisel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber bereet, esou wéi beim viregte Gesetz, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Da soen ech villmools Merci.

Mir geifen zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, zu der Question urgente vum honorabelen Deputéierte Michel Wolter iwwert d'Bauschuttdeponie zu Monneresch an d'Bauschuttdeponien insgesamt. Den Här Wolter huet fénnef Minutte fir den Développement vu senger Fro, an d'Regierung huet zéng Minuten, fir drop ze äntwerten. Här Wolter, wann ech gelift.

11. Question urgente n°152 de M. Michel Wolter relative aux déchets pour déchets inertes

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Här President,

ech soen lech Merci fir d'Wuert. Ech hat effektiv de Méindeg de Mëtteg, nodeems jo déi Nieigkeet komm ass, dass zu Monneresch d'Bauschuttdeponie géif zougoen, eng Question urgente gestallt, well mer alleguerten heibanne wëssen, datt et sech ëm e ganz delikate Sujet handelt, wou déi geréngste Verännerung zu relativ staarke Changementer, landeswäit, ka féieren.

Ech hunn dann och gëschter Owend den Optrëtt vun der Madame Minister op der Televisioun novollzunn. An ech muss soen, datt ech no deem Optrëtt eigentlech méi Froen hu wéi virdu.

Déi éischt Fro, déi ech lech wollt stellen, also an deem Kontext, Madame Minister, dat ass: Wéi kommt Der zu där Iwwerzeugung, dass de Bierg net méi weider géif rutschen?

Déi zweet Fro, déi ech mer stellen, dat ass: Wat geschitt mat deene Masse Buedem, déi sech beweegt hunn?

Ech froen déi Fro op dësem Moment, well opgrond vun aneren Äusserungen, déi Der gemaach hutt, ech mer d'Fro stellen: Wou a wéi an a wat fir engem Délai déi ongeheier Massen, déi sech do beweegt hunn, dann an Zukunft nach kënne gelagert ginn?

Ech erënneren drun, dass zu Méchela am Joer 1997 eng Kéier e Bierg gerutscht ass an dass mer am Joer 2014 nach ëmmer an enger provisorischer Situatioun sinn, déi nach net definitiv geléist ass. Ech soen dat, well ech effektiv fäerten, dass déi Strooss tëschent Esch a Monneresch fir länger Zäit wäert zoubleiwene an datt sech doraus och fir de Fonctionnement an d'Situatioun vun der Schoul, déi op der Strooss ass, vun der Édif, wäerten och längerfristeg Konsequenzen erginn.

Wat mech méi bedenklech gestëmmt huet, dat sinn Är Äusserungen, déi Der gëschter op der Tëlees gemaach hutt, wéi Der gesot hutt, dat Ganzt géift Dir - an do géif ech lech froen, ob Der an Ärem perséinlechen Numm oder am Numm vun der Regierung geschwat hutt -, Dir géift dat als Warnsignal fir de Lëtzebuerger Wuesstumsmodell gesinn. Dir hutt also vun engem Warnsignal geschwat, vun engem generelle Problem, wat de Bauschutt ubelaangt, eng Gesamtdiskussioun, déi elo misst gefouert ginn.

Ech mengen, dass et wuel lueflech ass, fir wëlle manner Bauschutt ze produzéieren. Et muss een allerdéngs wëssen, dass d'Quantitéit vu Bauschutt d'Konsequenz si vun den Aktivitéiten, déi sech am Land dinn. Wat also méi geschafft gëtt, wat méi Bauschutt ufält.

Wann een also manner Bauschutt wëllt maachen, heescht dat an Ären Aen, dass manner soll gebaut ginn, am Héichbau, am Déifbau? Wat fir eng Konsequenzen huet dat op aner Dealer vun der Politik?

An ech wäert et elo och unhand vun engem konkrete Beispill direkt erläutere, datt, wa manner Bauschuttdeponien do sinn, de Käschtepunkt da vum Baue wäert an d'Luucht goen, an zwar ganz dramatesch an d'Luucht wäert goen.

Ass also d'Positioun vun der Regierung, duerch manner Capacitéiten am Bauschutt de Präis vun Bauen an d'Luucht ze setzen? Oder ass et d'Politik vun der Regierung, fir adequat Tonagen am Land ze erlaben, fir kënnen dee Bauschutt, deen ufält, zu engem och fir de Consommateur rasonable Präis kënnen ze entsuergen?

Dir schwätzt vun engem Warnsignal. Ech géif, Madame Minister, éischter soen, dass et eng Katastroph wier. An zwar eng Katastroph fir all déi Leit am Süden, déi wëlle bauen, ob dat d'privat oder d'effentlech Hand ass.

An ech ginn lech direkt e Beispill: An enger Gemeng, déi ech gutt kennen, hunn ech gëschter vun engem Betrib, dee bei mir eng Strooss mécht, en Devis supplémentaire elo kritt, an do mussst Der lech awer, mengen ech, e bëssen unhalen: Bis d'lescht Woch huet déi Evakuatioun vun där Strooss, vun deem, wat do ausgehewe gëtt, dat sinn iwwer 12.000 Meter Kibb, déi huet 14 Euro de Meter Kibb kascht. Duerch dat provisoresch Zoumaachen, vläicht definitiv Zoumaache vu Monneresch huet sech dee Präis elo iwwert de Weekend op 37,67 Euro de Meter Kibb an d'Luucht gehewen, wat eng Augmentatioun an deem dote Projet mat sech bréngt vun 297.000 Euro.

Dat heescht, e Projet, deen eng Gemeng annerhalfe Millioun kascht huet ouni d'Honoraren, dee gëtt iwwer Nuecht, duerch de Fait, dass eng Bauschuttdeponie zougeet, ëm 20% méi deier an deen dote Posten ëm 170% méi deier.

Ech mengen net, dass mir déi Eenzeg sinn am Fall. Ech mengen, dass déi aner Buerger-